LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 12 MARS 2021

Réf. : 837x29a0b

La Ministre de la Culture

à

REÇU
Par Alff Christian , 13:21, 16/03/2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3661 du 17 février de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3661 du 17 février de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de l'ancienne maison de Michel Rodange à Koerich, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 3661

139-000050-20090730-FR

Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3661 vum 17. Februar 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup

D'Michel-Rodange-Haus zu Käerch profitéiert net vun enger nationaler Protektioun am Kader vum modifizéierte Gesetz vum 18. Juli 1983. D'Gebai gouf allerdéngs am Kader vun der „étude préparatoire" fir de PAG vun der Gemeng Käerch als „construction à conserver" erkannt a soll och deementspriechend am neie PAG geschützt ginn. An deem Fall kann de Kulturministère de Proprietär bei verschiddene Renovatiounsaarbechte finanziell ënnerstëtzen an de Service des sites et monuments nationaux kann dës Aarbechte begleeden.

Et gëtt am Moment keen Inventaire vun Haiser déi vu Lëtzebuerger Dichter bewunnt goufen. 2008 hat de Centre national de littérature eng Ëmfro bei alle Gemenge gemaach, fir gewuer ze ginn, u wéi eng Auteuren (national an international) duerch Stroossennimm a Plaquetten oder Taken un Haiser déi mat hinnen a Verbindung stinn, erënnert gëtt. Déi Resultater, souwäit Angabe gemaach goufen, verweisen drop, datt nëmme ganz wéineg Gemengen Haiser ausweisen, déi mat Auteuren a Verbindung stinn, woubäi Stroossennimm méi heefeg sinn.

A menger Funktioun als Kulturministesch kann ech Initiativen déi d'Förderung vun der Lëtzebuerger Literatur a Sprooch als Zil hunn nëmme begréissen. D'Michel-Rodange-Haus ass am Besëtz vun der Gemeng Käerch. Falls d'Gemeng also d'Inititativ fir eng deementspriechend Notzung vum Haus géif ergräifen, da misst eng Etude préiwen wéi een dëst am Respekt zu der bestoender Bausubstanz kéint realiséieren.